PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Wei aus enger Pressematdeelung vun der Naturverwaltung vum 22.11.2021 ervir geet, ass de Kielener Fuuss, deen anscheinend 3 Leit gebass huet, gefaange ginn, an - nodeems en erschoss ginn ass - negativ op Staupe an Tollwut getest ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hätten dës Analysen och un engem liewegen Deier kéinte gemaach ginn?
   - Wa jo, firwat gouf decidéiert, d'Deier z'erschéissen nodeems et schonn agefaange war?
   - Hätt een d'Déier net kënnen aschléifere loossen?

2. Am Communiqué vun der Regierung heescht et: *"[Es] wurde seitens der Naturverwaltung entschieden, das entsprechende Tier umgehend aus dem Gebiet zu entnehmen. Hierfür stellte die Naturverwaltung am 7. November eine Falle in unmittelbarer Nähe des Ortes des dritten Bissvorfalls auf. Da Füchse territorial sind, sollte auf diese Weise sichergestellt werden, das richtige Tier zu fangen."*
   Wéi sécher ass sech d'Veterinärsverwaltung, dass dat richtegt Deier gefaange gouf?

3. Ënnert wéi enge Konditiounen entscheet d'Naturverwaltung, dass een Deier soll gefaange ginn?

4. Ënnert wéi enge Konditiounen entscheet d'Naturverwaltung, dass een Deier soll erschoss ginn?

5. Ënnert wéi enge Konditiounen entscheet d'Naturverwaltung, dass een Deier soll lieweg bestëmmten Tester ënnerzu ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député